

„Méng“ Gëlle Fra...

... as, wann een dat sou soen duerf, nach laang kee „goldegt Meedchen“. Oder dach? Jiddefalls huet d'Madame et fäerdeg bruecht, d'Lëtzebuerger vun Ufank un – an dat si well 76 Joer hier, an Otem ze halen.

Et woussst een (wéi all déi, déi réischt kuurz virum Krich gebur goufen), datt op där Plaz iwwert der Péitruus, wou nom Krich nach just zwou Figuren Trauer verbreet hun, mol en héijen Obelisk mat der Gëlle Fra drop stoung. D'Preisen hätten déi am Krich ëmgerappt a verschleeft an ageschmolt, housch et; well d'Preise gemengt hätten, d'Statu wir wiirlech äus Gold. Mat deem Wësse si mir Kanner grous gin.

Et huet een sech och nët weider fir dat nees hallef opgerichtet Monument intresséiert. Gewass, 't as ee mol ronderëm déi masseg Quaderbléck getréppelt, an 't huet ee gelies, wat fir grous Stécker franséisch Genereel op eis Fräiwëlleg am I. Weltkrich gehalen hun. Mä 't as ee méi spët gewuer gin, wat mat eisen Helde lass war: Zu hirer ronn 3.000 waren déi Lëtzebuerger Fräiwëlleg deemools; hirer 2.500 hu bei Verdun an d'Gras oder an de Bulli gebass; e Prozentsaz, wéi mol keen Zweete Weltkrich e gefuerdert huet. D'Preisen haten den I. Weltkrich verluer, mä d'Lëtzebuerger haten e bestëmmt nët gewonnen.

't huet een och alt mol héieren, 't hätt 1923 allerhand Kaméidi gin, wéi se dem Cito séng „Siegesgöttin“ opgeriicht hun. D'Leit hun se „d'Gëlle Fra“ gedeeft, mä an den Aen an an den Zeitunge vu munch frommen a rechtschaffene Leit war dat Framënsch eng zackerdjësse Louder; ouni Schimt, an engem durchsichtge Läpp méi plakeg wéi ugedon, an dat direkt riicht-eriwuer vun der Tréischterin. A ware bei deem Käerjenger Cito do (dee bei 18 Konkurrenten den éischte Präis am Concours gemaach hat) nët onkäscher Methoden an Spill, wéi en dat Framënsch eräusgesicht huet, dat him bei sénger onhelleger Aarbecht sollt Modell stoen?

A wéi d'Preise koumen? An sénge Memoire schreift de Berliner Kabarettist Werner Finck, deen den 10. Mee '40 beim Amarsch derbäi war, d'Lëtzebuerger wire schwéier ze verstoen. Déi hätte mat den Hänne an den Täsche laanscht d'Stroosse gestanen a roueg nogekuckt, wéi hiirt Land besat gouf. Abee, 't as mer, wéi wann d'Gëlle Fra, déi den 21. Oktober vum selwechte Joer mat der Dampwalz ëmgezu gouf, nach am Trëllen deene bléide Lëtzebuerger zougeruff hätt: Loosst Der lech dann awer och alles gefalen? A kuck hei: Op deen Dag genee sin der eng Partie erwächt - a kruten och déi éischt an der Villy Pauly an d'Schnëss.

Wat duerno mat där Gëllener Fra äus Bronz wiirlech geschouch, dat woussst den déi meeschte Lëtzebuerger laang nët. 't war fir eng oder zwou nei Generatiounen och keen Thema méi. D'Monument war 1951 eng Grëtz an 1958 sou haalwer rafistoléiert, an déi Jonk hun näischt Ongewéinlech derbäi fonnt, datt d'Hauptfigur gefeelt huet. Héchstens d'Bomien an d'Bopien hun de Kandskanner gesot: Kuckt, hei stoung mol d'Gëlle Fra.

't as schon eng gelunge Saach. Als „Siegesgöttin“ hat d'Gëlle Fra d'„Sieger“ ni ze gesi kritt. Wéi d'Amerikaner am I. Krich hei waren, du stoung d'Monument nach nët, a wéi se fir zweet koumen, war et schon nees a Mujele geschloen.

Am Fréijoer 1981 huet d'Madame, déi jo zerstiéert an ageschmolt soll sin, mech an nach aner Leit op Trapp bruecht. Do huet dach nët e Mataarbechter äus enger vun eisen Dageszeidonge mir enges Owes an der Theaterstuff beim Foxe Fern gepëspert, hie géif ee kennen, dee wéisst wou d'Gëlle Fra dru wir.

Wat git Der mat sou engem Gespréich ufänken, wann Der, wéi déi aner Leit och, am Glaawe waart, d'Gëlle Fra wir op ëmmer an éiweg verschwonnen? D'Informatioun géif awer eppes kaschten, sot de Pësperer äus der Pësperkëscht an der Theaterstuff. Sou Froe muss de Chefredakter beäntweren, hun ech mer geduecht. An deen huet dagsdrop gemengt, 't wir vläicht eppes un där Informatioun, 't sollt ee mol nom Präis froen.

Wéi ech mäin Informant (deen deen zweeten Informant sollt kennen) de 17. Juni nees gesouch, du goung vun deem zweeten Informant keng Rieds méi, och nët méi vu Suen. Par

konter krut ech eng Fro beäntwert, déi ech mer vun Ufank u gestallt hat: Firwat schreift deen Dabo nët an sénger eegener Zeidong, wat e weess? Hien hätt dat vun uewerof verbuede kritt, sot hien, mä kuurz a gutt, d'Gëlle Fra léich ënnert enger Tribün vum Stadion; fir de Rescht géif ech jo sécher eens gin. Ech hun dem Kolleg e Patt bezuelt, an 't huet een em ofgesinn, datt et him nët licht gefall war, sou eng Geschicht lichtschatz verschenken ze missen.


Deen anere Muerger as de Mann mat de Schlësele vum Stadion bleech gin; wéi ech mat engem Photograph opgekräizt sin an hien no der Gëlle Fra gefrot hun. Déi wir tabu, sot hien, et wir verbueden, fir se ze knipsen. De Knipsert an ech, mir hun äis bekuckt; da stëmmt et also, da läit se wiirlech do! 't war och sou, well no villem Biedelen a Fléiwen an ënnert der Konditioun, keng Photoen ze maachen, huet de Mann äis op d'Plaz gefouert. Mir hun äis missen elle bécken, mä ënnert den ënneschten Träppleken vun enger vun den Tribünen an hannert engem Koup Kuele louch d'Skulptur; an dräi Stécker, schéin opene getässelt, knaschteg an dach erëmz'erkennen; besonnesch den Deel mat Kapp, Äerm a Lorberkranz.

Bei der „Semaine de la Résistance“ waren d'Stécker vun der Gëlle Fra ewell 1955 an der Märei um Knuedler ausgestellt.





D'Figure vun der „Allegorie“ waren zu Hollerich am „Salzhaff“ fond gin ...



... a waren e puer Wochen duerno erëm op hirer Plaz.

Ech muss soen, datt de Stater Buurgermeeschter sech deen aneren Dag gutt äus der Affär gezunn huet. Hie war paff, wéi ech em sot, an sénger Stad géif een äis verbidden eng Photo ze maachen. Hie war nach méi perplex, wéi ech em sot, datt ech d'Gëlle Fra gesinn hätt. A wéi ech ugedeit hun, egal wat hie mir elo géif soen, d'Fakte vum Stadion stéinge muer an eiser Zeidong, du huet de Buurgermeeschter bewisen, wéi e richtege Politstrateg mat Fakten ëmgeet. Hie wéisst dat alles selwer réischt zënter e puer Joer, mä ech sollt mech mol een Abléck gedëlegen. Hien huet bei mir zou ëmmescht ugeruff, an äus dem Gespréich, dat hien haart gedréit huet, hun ech verläuschtet, datt hien e pensionéierten Archivist vun der Gemeng un der Strépp hat. Wat deen da sou vun der Gëlle Fra wéisst? An du kruten de Buurgermeeschter an ech eebe just dat ze héieren, wat all Lëtzebuurger ëmmer ze héiere krut: datt d'Preisen d'Monument am Oktober '40 mat der Dampwalz ëmgezunn hätten, an datt d'gëlle Fra vun deem Dag u verschwonne wir.

De Buurgermeeschter huet mer en Anzougepëtzt a sot deem aneren, bei him am Büro

séiz en Zeidongsmënsch, dee behaapte géif, d'Gëlle Fra gesinn ze hun. Déi aner Säit blouf et een Abléck roueg, mä du koum dee Saz, dee mer laang Kappzerbrieches mouch: „Dir wäert dat gräisslecht Framënsch dach nët nees wëllen opriichten?“

Den Archivist war voll am Bild, dat gouf séier kloer. Well du huet hie verzielt, wuer d'Stécker hi komm waren a wien se versuergt hat (genee déi Firma, déi d'Monument 1923 opgeriicht hat), datt e puer Stécker an de fofzeger Joren an enger Äusstellung gewise goufen (dat war de Leiden äusdenkeg gin!), an datt se duerno op de Stadion koumen.

Kuuz a gutt, de Buurgermeeschter huet geschmonzt a gemengt, ech hätt jo mäi „Scoop“, mä hie géif lo d'Statu räushuelen a wäsche loossen, an da kënt d'ganz Press souvill Photoe maachen, wéi se Loscht hätt.

Mat der Iwwerschrëft „D'Gëlle Fra 40 Jahre versteckt gehalten! Warum?“ koum mäi ganzsäitegen Artikel an der Zeidong. Den Dag hätt nët kënnen besser falen, well 't war de Viowend vum Nationalfeierdag. Scho muerges hate Leit ugeruff a gefrot, ob dat Ganzt en Abrëllswitz wir,

mä géint Feierowend, op der Réceptioun an der Villa Vauban, war et amusant Leiden ze begéinen, vun deenen ech an der Tëschenzäit wouss, datt s'iwwert d'Gëlle Fra um Stadion zënter Jore Bescheed wouss, mä déi lo steif a fest behaupt hun, si wiren haut beim Liese vu mëngem Artikel och äus alle Wolleke gefall.

Freides, de 26. Juni, stoung déi propper gewäsche Statu virum Stadion op der Wiss. 't huet ee gesinn, datt hir Féiss kapott waren, mä soss war se 1940 nëmmen do äusernee gebrach, wou se mat Schrauwen zesummegehal war; an anere Wieder, 't war hir nët ganz vill geschitt. An de 27. Juni hun d'Lëtzebuurger an hiren Zeidong gesinn, wéi schéin d'Gëlle Fra eigentlech as, déi och déi eeler Leit jo nëmme vu ganz ënnen, also vu wäit ewech kannt hun.

Wéi goung et virun? D'Land war paff a perplex. D'Lëtzebuurger haten 1923 d'Monument mat hiren eegene Sue bezuelt an hun et nët an der Rei fonnt, datt d'Gëlle Fra verstopp gehale gi war. Polemiken fir oder géint en zweet Opriichte goufen et keng méi. 't huet sech séier eräusgeschield, datt d'Gëlle Fra zënter dem II. Weltkrich zu enger Symbolfigur vun der nationaler Identitéit an Onofhängkegkeet gi war.

't gouf awer och kloer, firwat gewësse Leit nom Krich versicht hun, d'Existenz vun der Gëlle Fra ze verheemlechen. Et ware Leit mat den Argumenter vun 1923 (d'Gëlle Fra wir kee groust Konschtwierk an 't wir och lo nach déplacéiert, fir et nees bei d'Kathedral ze stellen). Et as awer besonesch gefaart gin, Polemiken iwwer d'Veréiwegong vun den Zwangsrekrutéierten an deenen äus den Internationale Brigaden am Spueniekriech géifen nees opliewen. Nach anerer hu gemengt, et sollt een dat halfe zerstéiert Monument sou loosse wéi et wir, als Erinnerung un déi barbaresch Zerstéierung duurch d'Nazien.

D'Land selwer, dat d'Monument jo bezuelt hat, war nom Krich jiddefalls nët ëm séng Meenong gefrot gin, mä lo war nët méi laanscht séng Meenong ze kommen; an déi war souze-soen eestëmmeg. 1983 gouf eng staatlech Kommissioun agesat, déi sech drëm bekëmmert huet, datt d'Gëlle Fra nees opgeriicht géif, an 't gouf nees eng ëffentlech Subskriptioun opgemaach. Dat meescht vun den néidegen 12 Millioune koum zesummen, de Rescht hu Staat a Stad an och e puer Banke bäigeluecht. An den 23. Juni 1985, also op dem Nationalfeierdag selwer, gouf d'Gëlle Fra eng zweete Kéier ageweit. Ronderëm d'Monument sin nei Placken an de Buedem gelooss, op deenen d'Touriste liese kënnen, wat et mat dem Monument op sech hat an huet.

Haut steet d'Gëlle Fra schon nees 14 Joer sou do, wéi se virun 1940 do stoung; frësch nonee gemaach an owes belicht. Kee Frieme kéim op d'Iddi, datt déi Madame, déi do héich an der Luucht bei all Wieder hire Lorberkranz hält, sou eng verwuerelt Geschicht hannerun sech hätt.

Josy Braun